N°6975
Entrée le 10.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Wéi d'Wort de 6ten Oktober mellt, ass d'Gemeng Réimech Gerüchter zum Wunnsëtz vun 3 Gemengeconseilleren nogaangen. Ee Gemengepolitiker muss an der Gemeng wunnen an der en säi Mandat ausüübt. D'Police huet enquêtéiert.
Wéi d'Wort schréift:

> *"Der Remicher Schöffenrat ging den offiziellen Weg und ließ den Wohnort der drei Gemeinderatsmitglieder von der Polizei überprüfen. Die Beamten klingelten an den betreffenden Adressen und besichtigten die Wohnungen, sofern sie die Gemeindepolitiker antrafen. Das Ergebnis der Nachforschung: Bei Rat Daniel Frères kam die Polizei zu der Einschätzung, dass er wirklich in Remich wohnt. Bei Ben Wagener und Sergio Prado blieben Zweifel. [...] Zumindest im letzten Fall erübrigen sich weitere Ermittlungen. Sergio Prado gab am vergangenen Freitag bekannt, dass er nach Grevenmacher umgezogen sei und reichte seinen Rücktritt aus dem Gemeinderat ein."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert d'Inneministesch hei d'Justiz aschalte wéinst méiglechem Verstouss géint d'Artikelen 192 an 193bis vum Walgesetz déi méiglech Strofe vu bis zu 5'000€ an engem Joer Prisong virgesinn?

2. Wäert d'Inneministesch hei d'Justiz aschalte wéinst engem méigleche Verstouss vum Gesetz vum 19ten Juni 2013, wéinst enger ze spéider Deklaratioun d'Entrée bei der Gemeng Gréiwemaacher?

3. Wäert d'Ministesch hei kontrolléieren, ob dëse Gemengeconseiller net méiglecherweis fälschlecherweis Jetonen ausbezuelt kritt huet, déi en net méi ze gutt gehat hätt respektiv ze gutt huet?

4. Wäerte Votten am Réimecher Gemengerot musse widderholl ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten